

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Januar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här
Ekonomieminister weiderzeleeden.

Aus dem Extrarapport "*Déploiement des réseaux 5G au sein de l'UE: des retards et des questions de sécurité encore sans réponse*" vum EU-Rechnungshaff geet ervir, datt 2019 64 Prozent vun den EU-Bierger (ouni Groussbritannien), Telekommunikatiounsreseae benotzt hunn, deenen hir 4G-Technologie op mannst deelweis op Equipementer vu chineesesche Fournisseuren opgebaut war. Bei der Telekommunikatioun handelt et sech ëm e Schlësselberäich, souwuel vun der privater wéi och vun der staatlecher Informatiounssécherheet an dem Dateschutz.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Ekonomieminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi vill Lëtzebuerger Bierger hu während de Joren 2013-2020 fir déi verschidde Facette vun hirer Telekommunikatioun (Telefon, Handy, Internet asw.) missen op Reseaun zeréckgräifen, déi ganz oder deelweis op chineesescher Technologie opgebaut waren?
- 2) Wéi wäerten dës Zuelen no de Projektione vun der Regierung am Kader vun der Ëmstellung op d'5G-Technologie evaluéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten